

Rapport N°4 vum 28. Juni 2021 vun der Sportskommissioun

Presenzen

Present	Net present
Nicole, Joé, Pierre, Manou, Marcel, Pit, Mich	Miguel, Patrick, Joske

Punkt 1: Usprouch

D'Nicole begréisst all d'Membere déi present sinn. Vu datt d'Sportskommissioun 4 nei Membere kritt huet, stellt jiddereen sech eng kéier kuerz fir.

Punkt 2: Unhuele vum lëschte Bericht

De Sëtzungsbericht vum 3. Mee 2021 (03/05/2021) gëtt unanime vun der Kommissioun ugeholl.

Punkt 3: Presentatioun vum ROI Commission consultatives

D'Nicole deelt de Membere eng Kopie vum ROI aus an gëtt de neie Memberen ee kuerzen Aperçu, wat wichteg ass (Presenzen, ofmellen, asw.)

Punkt 4: Projeten – Propositionen - Diskussiounen

-Wat Petanquespiste zu Béiwen ugeet, huet d'Kommissioun festgestallt, datt d'Piste propper gemaach gouf. Trotzdeem wier et net schlecht, wann d'Gemeng een Iwwerdach kéint opriichten (Dësen Iwwerdach war och schon an eise leschten Berichter ugeschwat/ernimmt ginn). Zousätzlech wier et gutt wann Schëlde géifen opgestallt ginn, fir op dës Piste opmierksam ze maachen, och wann aner Leit dësen Terrain wéilte benotzen, déi vun auswäerts kommen.

Wier et net méiglech eng zweet Piste direkt niewendrun unzeleeën, Plaz ass jo genuch do. Ee Virdeelt wier et och nach, wann een dës Plaz(en) mat engem Zonk protegéieren géif, dëst fir se virun allem vun Muppen, respektiv Katzekaka ze schützen.

-Mir wéilten och gären als Sportskommissioun 2 respektiv 3 Stonnen Samschdes Moies an der Sportshal kréien. Mir haten jo schon verschidden Ideeën wat en als Sportskommissioun / Gemeng vun Aktivitéiten kéint ubidden. Ass et méiglech, datt ee Responsabelen vun der neier Sportshal an eis nächst Versammlung kënnt, fir iwwert d'Opdeelung vun der Hal ze schwätzen, respektiv op mir eis als Sportskommissioun solle Gedanke maachen, fir wien mir dës Hal opmaachen oder wien vun dëser Hal soll profitéieren. (Veräiner, Schoulen vun Auswäerts, a.s.w.) Huet d'Gemeng schon Ufroen kritt fir d'Hal?

-D'Sportskommissioun wier frou wann d'Gemeng eis géif mat engem konkreten Projet beoptragen. Wéi gesot, mir haten well e puer Ideen un d'Gemeng weiderginn, wéi z.B. Boukelpiste, Park Bëschdref, asw.

-D'Sportskommissioun huet dofir d'Iwwerleeung/Propos, datt de Schäffenrot 1-2 mol am Joer un eiser Versammlung deelhält. Mir denken eis, dat mir op dësem Wee, eis an och der Gemeng/Schäfferrot vill Zäit kënne spueren an och esou an Zukunft méi konstruktiv kënnen zesummeschaffen.

Punkt 5: Neie gemeinsame Layout vum Sitzungsbericht

Mir sinn frou als Sportskommissioun, datt dat mam gemeinsamen Layout fir di verschidde Kommissiounen geklappt huet, vu datt mir dat an der Vergaangenheet och well ugeschwat haten.

Punkt 6: Nächst Versammlung

Déi nächst Versammlung ass fir den 27. September 2021 em 20 Auer an der Koll ugesat ginn.

Punkt 7: Verschiddenes

-D'Nicole hat och nach d'Propos gemaach fir eng Wäitsprongpiste an deem neie Schoukplex z'integréieren.

-De Miguel ass séit +- 2 Joer net méi an enger Versammlung gewiergt. D'Nicole setzt sech muer (de 29. Juni) mam Miguel telefonesch a Kontakt fir mat him iwwert d'Problematik vun senge Net-Presenzen (Feelen) ze schwätzen. D'Nicole reportéiert mir, datt de Miguel an der Sportskommissioun wëll bleiwen, trotz sengen Absencen an de Versammlungen. D'Nicole huet dem Miguel matgedeelt, datt et Schued ass, datt hien sou wéineg, respektiv guer net do ass an sou net aktiv kann un eise Projeten deelhuefen.

Dofir muss een sech seriö Gedanken maachen, wéi et an Zukunft mam Miguel soll weidergoen! Et muss e bedenken, datt d'Gemeng vill Kandidaturen fir eis Kommissioun kritt hat an deemno och ville Leit huet missen ofsoen, well keng Plaz méi bei eis an der Kommissioun ass.

-An der Spéngel hänkt nach eng intressanten Depliant vum Sportsministère(Plan de relance SPORT 2.0)

-Ass et an Zukunft méiglech, datt eise Bericht eréischt publizéiert gëtt, nodeems dësen vun der Kommissioun unanime ugeholl gouf?

Heinz Joe

Sekretär vun der Sportskommissioun